

Eis ‘apaart’ Schreifweis

Zënter eis Sprooch sech och schrëftlech weist, ginn et **ëmmer erëm ‘nei’, ower ëmmer perséinlech Schreifweisen**. Bis ongeféier 1912 hat zesoe jiddereen seng, vum Tun Meyer iwwer de Michel Lentz, de Rodange oder den Dicks (deen esouguer eng speziell Beschreiwung vu ‘senger’ Orthographie gemaach huet). Didaktescht Iwwerleeës? Knapps.

1912 guff eis Sprooch iwwer Gesetz e Schoulfach; fir dëst krut de Germanist Nik Welter d’Commande fir e Schoulbuch fir Lëtzebuergesch ze maachen; heifir huet säi Kolleg René Engelmänn eng verstänneg Schreifweis/Orthographie op de Leescht geholl; déi huet et duerscheweche gepackt bis 1945.

Dunn huet dann d’Famill Welter bei der Schreifweis-Fro vun deer vum Schoulbuch ‘vun hirem Papp’ eng Roll gespillt; fir déi keen sech ze brette brauch: D’Welteren’ hu verbueden, egal wat fir e Changement um Buch *‘Das Luxemburgische und sein Schrifttum’* ze maachen... domat war dann d’Dier fir déi Ongeheierlechkeet vun enger ‘nei’ Orthographie weidenaffen opgestouss; ower deelweis och, well et eng Zort **‘Allergie’ tëscht Welter a Margue guff, an ee roueg vun ‘Express’ ka schwätzen**.

Den Engleschprofessor Feltes huet eng nei Schreifweis ‘gezwaft’, déi e komplett ‘Shakespeare’ – also englescht Gesicht hat... eppes Onméglech; si huet gepasst wéi de Suedel op e Bauz an ass dann och an der Lächerlechkeet ënnergaang. D’Shéissbueh bei der Arméi ass dat markantst Beispill dofir gewiescht.

Fir d’Dictionnaire-Commissioun an den éischte Band ‘Wörterbuch’(vu5!) huet dann **den eminent-dichtege Spezialist Robert Bruch** d’Saach an d’Fieder geholl

an eng Schreifweis opgesat, déi sech zum groussen Deel un ‘d’Welter-Engelmänn’ gehalt huet, sech verstännegerweis fir eis germanesch Sprooch och un déi Säit ugepasst huet, déi haut och nach héichprozentesch dee Kostüm unhuet.

Ee Problem a ganz spezifesch Knet bleibt ower bei all Orthographie fir d’Lëtzebuergesch: Mir leien net nëmme territorial an enger Mëtt tëscht Däitschland, Frankräich an der Belsch; eis Kanner léieren an der Schoul direkt Däitsch a vum 2. Schouljoer u Franséisch; déi meescht vun hinnen och nach nom 6. Schouljoer Englesch (Weltrekord!)... hei läit dann och d’Kromm fir eis Orthographie an deer bekannter Heck!

Mir gebrauchte kéipweis Wieder a Sazstrukturen aus romaneschen a germanesche Sproochen, och genee mat hirem ‘Gesicht’ vun do! Dofir mécht et absolut kee Sënn, dës Sprooch-Elementer orthographesch ze ‘verlëtzebuergeschen’ an z. B. *Bullwar, Trottuar, Schbagetti, Dëssär, guddu Gu, Ragu, Tirbuschong, Pünäs, Awenü, Barriär, Pnö, Händi, Bullett*... ze schreiwen; en absolute Schreifweis-Fanatismus, géint jiddwer pädagogesche Verstand!

Iwwer **d’Alphabetisatioun ‘op franséisch’** guff jo och ewell hei geschriwwen; dat gëtt ganz einfach onnéidegt ‘Gedéngels’. Firwat ass do keng **Émfro ënnert dem Léierpersonal – de Leit aus der PRAXIS!** – gemaach ginn? Den Artikel vun der Madame Gantenbein aus dem WORT vum 21.08. sollen der emol eng Partie vun de Verantwörtlechen sech op de Schouss huelen.

Dat mécht eiser iwwer 50 Joer aktiver Action-Lëtzebuergesch natierlech immens Freed!

Elo gi mir da gewuer, datt dës Ministère freides, de 26. September e grouss geplangten a breet gestreuten **‘DAG VUN DER LËTZEBUGER SPROOCH’** organiséiert. D’Eenzelheete vun dëser Initiativ deet den Här Minister Eric Thill perséinlech op enger Pressekonferenz ausserneen.



Wierklech gutt!

Beim Kulturministère kënnen mir äis fir op eis Sprooch verlossen; dem Här Minister, grad ewéi sengem Premier Conseiller Pierre Reding, läit eis National-sprooch op jiddwer Fassong um Häerz: sief dat fir eis Associatioun, d’Intervention um europäesche Plang, als iewescht Autoritéit beim ‘Zenter fir d’Lëtzeburger Sprooch’ oder ‘bei de Leit ‘dobaussen’

Fir dësen éischten Dag vun der Lëtzeburger Sprooch huet d’Actioun Lëtzebuergesch sech och eppes Extraes ausgeduecht: Bei der Pâtisserie Schiltz hu mir e **schneekege Kichelche** maache gelooss – de **‘Lëtzi’**, de Kichelche fir den Dag vun der Lëtzeburger Sprooch – deen een deen Dag (26. September) an och nëmme deen Dag (!) an hire Geschäfte zu Nidderaanwen an zu Gréiwemaacher matkritt, wann een do (och nëmme dat eent oder anert Wuert) Lëtzebuergesch schwätzt; dat Ganzt esou laang, wéi der do sinn! Loosst lech eis Sprooch deemno gutt schmaachen!



Eng Schnok fir d’Vakanz

Scholdgedanken

Wat giffs Du dovun hale Stupp, eng Woch op Tenerife ze go’n?

Dat geet net, Maus, denk un eis Schold, déi passt net op e Leederwon!

Drun tierme léisst sech egal wou, och d’Schold am Kapp zerhan; dat kënnen mir an aller Rou jo dann dohanne man.



Heftercher fir Beruffer

Fir als Lëtzeburger eis Sprooch besser ze kennen oder si als Auslänner ze léieren, sinn Dictionnairen och beim Handwerk a soss Beruffer zwar eng gutt Hëllef; mä de Schrainer muss dem Metzler seng typesch Ausdréck ower net onbedéngt kennen; de Schlässer dem Coiffeur seng och net, grad esou ëmgedrënt. Dat selwecht gëllt fir Gesondheetsberuffer... a just hei ass déi ganz Saach duersch d’Raritéit vum Personal immens wichteg.

Dësen Iwwerleungen no misst een emol vläicht **fir jiddwer Beruff un en eegent klengt Heftche mat ‘hirem Lëtzebuergesch’ denken**. Da bräichten si sech net

ze schudder, wann si en décken Drulles vu Wiederbuch sollen an d’Hand huelen, fir eis Sprooch bei hiner Aarbecht ze fannen.

Gewëss, **dat ass keng Fro vu ‘Wëssenschaft’ mä vu PRAXIS**... a vum praktesche Gebrauch lieft a wibbelt eis Sprooch vrun allem. Si huet déi gewaltig Stäip vu Literatur a Press net, wéi d’Sprooch vu grousses Länner.

Mir mussen eis Sproochsituatioun iwwerhaupt anescht kucken an ugoen, wéi déi sougenannt ‘klassesch’ Idiomen. Mä hei ass pädagogesch Gefill gefrot... ower dat huet nun emol leider net jiddereen, deen sech ‘Linguist’ (ver-)nennt.

Eises

Et kann net dacks genuch gesot, geschriwwen a ferm ënnerstrach ginn, datt **eis Sprooch dach immens méi ‘räich’ ass, wéi esou doruechter gemengt gëtt**. Hei stëmmt den ale Sproch: Wie MENG, dee weess näischt... ob jiddwer Fall weess hie Villes net... oder wëllt sech mat dësem oder deem och vläicht net ‘belaaschten’.

Ëmgedrënt gi leider **houdäitsch Ausdréck an eis Sprooch gebrätscht, déi net ‘besser’ sinn**, an déi mir och net néideg hunn... well mir dofir d’meesch EISER an der Sprooch vun heimeen fannen. Huelt emol als Beispill ‘oprecht halen’; dofir hu mir *‘an der Riicht halen’* – *‘versuerger’* – *‘drop halen’*. Firwat solle mir ‘anstatt’ an net *‘aplaz’* soen? Firwat ‘bigelen’ an net *‘strecken’*? Ass ‘anständig’ méi blénkeg wéi *‘zerguttst’*. Deer Beispiller giffe mir kéipweis fannen; mir kënten esouguer eng Zort Spezialdictionnaire domat maachen...mä dat kascht Aarbecht, firwat net ‘Krämpes’. Et wier ower méi genësseg, vläicht och méi ‘spannend’ wéi klassescht Wiederbuchgetässl.

Huelt emol als **Beispill de Kierper mat allem rondrëm**, senge Problemer a

Kränkten. Do begéine mir Ausdréck wéi *Eess, Bloder, Blatz, Knupp, Schubber, Schadder, Roff, éimeg, schuddereg, blatzeg, pänzeg, gouereg, ruppeg, mockeleg, dä, elo, et geet duer*...et gëtt der esouguer, déi vu *‘Liewerzires’* schwätzen.

Natierlech gëtt iwwer sou engem Gespräch zimmlech **lichtfankeg gesot, dat wier ‘aalt Gedéngels’**; vill knadder der och, si giffen dëst oder dat Wuert oder déi Ausdréckswies net kennen... mengt dir dann jiddwer Fransous hätt de Larousse vu vir bis hinnen, bannen a baussen, uewen an ënnen drop? Datselwecht gëllt fir englesch oder italiéinesch Dictionnairen. Ower, do gëtt et dann alt erëm esou en digelechen Ausdruck: Mä dat si jo klassesch ‘Héichsproochen’; gewëss, si hunn och eng gewaltig Literatur, dat stëmmt; ower mir brauchen z. B. – ouni gebeemt Behauptungen – e Marcel Reuland, en Nik Hein, en Tit Schroeder, e Jemp Hoscheit, e Roger Manderscheid, e Guy Rewenig och alt net grad hannert enger Heck ze verstopen...eis KLACK vläicht och net. ☺